

Eis Sprooch: helleg?!

Esou ass si gutt, ower iwwerdrifwen, wéi et schéngt vu Leit bei deer bekannter Chamberpetitioun 698 tituliert ginn. **Lëtzebuergesch als éischt Verwaltungssprooch, ass dat „helleg“?** Héchstens net gutt iwwerluecht, well een sech dat fir esou villes an der Praxis net ka virstellen ... ouni **d’Lëtzebuergesch lächerlech** ze maachen. Mir hunn eng Sproochtraditioun, aus deer eng Sproochsituatioun entstan ass, déi zesoen eenzegarteg op der ganzer Welt ass: Stellt iech dach emol vir, datt hei e Gesetz **op Franséisch als Projet an d’Chamber** erakënt; do gëtt et **op Lëtzebuergesch diskutiert, op Franséisch gestëmmt ... an op Däitsch an der Press** kommentiert. Wat keen Ausländer versteet, dee fir d’éischt Kontakt mat äis kritt. Elo da wëllen all Gesetzer, Reglementer an Arrêtéen op Lëtzebuergesch ze iwwersetzen, de „Code civil/pénal“ sollen an eis Sprooch ze brätschen ... eng iwwerdrifwen Hiermiddegkeit!

Dës Wieder klénke vläicht haartstréheg; dir kënt ower engem se ofkafen, deen sech zënter 45 Joer mat Iwwersetzungen ofgëtt (Fabelen, klassesch BD-ën, Dosen de vu Walt-Disney-Bicher, Privattexter vun allen Zorten, de „Petit Prince“ asw.): **Eis Sprooch huet sech just wéinst eiser Situatioun um intellektuelle Plang (Schoul, Universitéit, legislativ a juristesche Praxis) ni an deem strenge Sënn entwéckelt ... ze entwéckele brauchen. Net néideg!**

All déi Iwwerleeunge wëllen net soen, datt mir näischt Verstänneges un deem Zoustand ännere kënten. Verschidden **Zivilakte kënt/soll ee roueg op Lëtzebuergesch iwwersetzen:** Gebuerts-, Mariage-, Scheedungs- a Stierfakten. Normal Verkaafsakten op notariellem Plang, wou och den „einfache“ Bierger versteet, wat hien ënnerschreift, well hie jo net onbedéngt versteet wat eng „à l’antépénultième alinéa émarginée cessation amphytéotique“ soll sinn?

Déi allermeescht vun äis wëssen och net grad vill mat „*enlèvement des immoindices/absence de marquage horizontal/tampons en saillie*“ asw. unzefänken. Do wier **kéipweis Guddes fir bei „Saache fir de grand public“** ze maachen ... ower „helleg“? ☺

Mä ... wat ass dann do esou „helleg“? Hei kënt engem an d’Kopp, et soll een d’Kierch dach am Duerf loosen ... an déi **helleg Saachen nun emol och wa méiglech an der Kierch. À propos:** Et ass iech jo vläicht (?) ewell opgefall, datt eis Sprooch just **an der Kierch (och um Kierfecht) haut eng Plaz huet, vun deer knapps ee vrun de 70er Joere geschwat huet ...** bis mir vun der Actioun-Lëtzebuergesch aus e Rendez-vous beim (super-frëndlechen) Här Bëschof Jean Hengen haten; vun deemools un huet d’Lëtzebuergesch an der Kierch ugefaang, wierklech eng zerguttstert Plaz ze kréien. Sou einfach ass dat net gewiescht. Et muss ee keen iwwerhëtzte Chrëscht sinn, fir och **emol samschdes an der Zeitung déi Leeschtung ze kucken an unzeerkennen,** déi d’Leit vun der Bibel-Iwwersetzung opweises hunn an nach ëmmer bréngen. **D’Psalme si Weltliteratur! Och am Lëtzebuergesch ...** fir déi „helleg“ Texter hu sengerzäit d’Professere Raymond Schaack a Felix Molitor mat der Berodung vum judesche Rabinner, dem Här Bulz, an dem Bëschof Hengen eng immens Erënnerung verdéngt. Mä gleeft mir es: Dat ass wierklech net „vu Kaffi a Kuch“ gewiescht!

Nodeem dann elo dat sympathesch Gedäisch rondrëm déi Petitiounen iwwer d’Lëtzebuergesch sech verzun huet – dat alt erëm gewisen huet, datt zevill an net genuch nun emol keng Moose sinn – solle mir verstänneg kucken, wat sech mat eiser Sprooch och op „offiziellem“ Plang maache léisst. Gleeft es: Mir wëllen d’Lëtzebuergesch net HELLEG spriechen, ower him iwwerall do eng Plaz ginn, op déi et dem gesonde Mënscheverstand no e Recht huet. Do **schaffe mir ganz gär mat deem neie Commissär fir d’Lëtzebuergesch zesummen ...** deen den Här Staatsminister jo bei de Petitiounsdiskussiounen versprach huet. Dann haten d’Ënnerschrëfte vun den 20 000 Petitiounären hire Sënn!

Alt nach erëm: Constitutioun

Vun der Decisioun fir eis Sprooch aus gekuckt, **kënt ee wierklech bal eng Miderche kréien, wann et sech ëm den Artikelchen iwwer eis Sprooch dréint.** Et ass zwar ze verstoen, datt kriddeleg Saache wéi d’Grundgesetzdispositiounen iwwer eis Monarchie, d’Justiz a reng juristesche „Kniwwelereien“ net iwwer de Knéi kënnen/sole gebrach ginn; **schwéier ze bekäppen ass et ower, dat iwwer alles misst MATENEE „vum Vollek“ ofgestëmmt ginn ...** dat ganz bestëmmt zu 95 % rosewéineg oder glat näischt dovu versteet.

Den Artikel fir d’Lëtzebuergesch als d’Sprooch vum Grand-Duché ass ower kloer ... vum „Conseil permanent pour la langue luxembourgeoise“ (CPL), der Regierung an der Chambercommissioun fir Verfassungsfroen op de Wee gesat ginn. Do ännere „Kuebereie“ wéi déi sougenannt „repräsentativ“ Ëmfro vu 60 (!) Leit no der *méthode des quotas* erausgepickte Meenungen absolut näischt drun ... **wat si „mir“ dann ower „Quota-Dommer“!** Wien huet wéi a wien do erausgewielt an ofstëmme gelooss. Deen ommelzegen Uni-Professor Poi-

vum Lex Roth



(Zeechnung: O. Jaminon)

rier, e respectable Fransous!, soll seng ongeseente Fanger do erausloossen; dat klénkt haart, ower „*il ne faut pas prendre les enfants (luxembourgeois) du bon Dieu pour des canards sauvages!*“

Eng virwëtzeg an héiflech Fro: Firwat net dat anert Joer en Eckelchen um Stëmmziedel fir eng Referendumsfro iwwer den Artikel „Sprooch“ reservéieren? Da wier dee Problem eemol geléist. Geet dat net ... oder ass et net gewollt?

Den Tram

Eis Comitésleit haten den Autoritéite vum neien Tram **e léiwe Bréif** geschriwwen, si sollen déi „**authentesch/lëtzebuergesch**“ **Nimm bei den neien Tramsstatiounen** net vergiessen. Hei soe mir dann all deene merci, déi dat dann och esou sympathesch gemaach hunn. Héiflech gefrot, fei geäntwert!

Ob **den Tram dann elo och nach en Numm** fir sech soll kréien, dat ass eng aner Gei. An der Zäit hunn déi schmuel Eisebunnen emol Nimm kritt, wéi **Jangely, Charely a Benny,** ower beim Tram fällt engem net esou liicht eppes bäi ... et sief dann HARY, well eise sympathesche Grand-Duc Henri jo den Ament de Chef vum Land ass ... an den Tram iwwer d’Bréck leeft, déi offiziell senger Groussmamm hire schéinen Numm dréit. **An engems hätt den Tram den Numm och vun deem (Prënz) Hary, deem eist Land kéipweis ze verdanken huet ... esouguer eng ganz Eisebunnsstreck!**

Knippercher a Knätzelcher

Firwat solle mir soen, et wier een „*am Bäisinn*“ vun der Famill doheem gestuerwen? Geet et net duer, datt d’Famill bei him war, wéi hie „fort- / an d’Eiwegkeet gaang“ (net „vun äis gaang“) ass ... dat ass méi „richteg“.

Woufir soll dann elo eng Grippesaison „*réckleefeg*“ ginn? Si hëlt of; an eiser Sprooch ass jo och näischt „bauchleefeg“; dat sief emol esou „bäileefeg“ gesot.

Mir halen näischt „*oprecht*“; dat gëtt am Lëtzebuergesch **„an der Riicht“** gehal; iwwregens soe mir och net „oprecht“ fir „éierlech“ oder „riicht eraus“.

Op der Eisebunn hu mir zwar „Lokomotiven“, **mir haten ower ni „Lokführer“;** dat waren ëmmer „Machinisten“ an si däerfen och nach haut houfreg dorop sinn.

Huet dir ewell dru geduecht, datt **eng „schro“ Fra am Engleschen „a shrew“** ass ... an esouguer e bekannt Theaterstéck „*The Taming of the Shrew*“ heescht?


Loosst iech net „*verkäppen*“, wann et ëm eis Sprooch geet, a sicht d’Bedeutung emol an anere Sproochen ... et ass 100 % EISES!

Eise Champion Bertemes ass Meeschter an der „**Bomm**“, net an der „Kugel“ ... ower am Keelespill geheit hien eng „**Klatz**“ ... vläicht an de „**Kullang**“!

Sicht emol, vu wou mir „**e Koup**“, „**Knippercher**“ a „**Knätzele**“ sollen hier hunn.

Kuckt emol am Lëtzebuergesch no den Ausdréck a Saz-Fassongen, déi dir a kenger anerer Sprooch fannt ... eng „aarm“ Sprooch gelldir!

Eiser Lidder



An deer leschter Dose Joer hu mir **4 Editiounen vun eisem Lidderbuch** erausginn; elo ass déi 5. frësch „an d’Rei gemaach“ do. Vill Dausende vu Leit waren a sinn déck mat eisem klengen Lidderbuch zefridden; e sëlliche **Veräiner hu kéip Sammelbestellung gemaach;** domat haten si a Gesellschaft a fir op der Rees eng wonnerbar Liddersammlung ... am Format fir an d’Täsch. Endlech konnt jidderee matsangen!

Nach eng kleng Iwwerleeung: A Schottland, England, dem Frankräich an Däitschland kennt **jiddfer Schoulkand op d’mannst eng hallef Dose Lidder aus senger Heemecht,** wann et aus der Primärschoul kënt, souzesoen e „Must“. Geene dat sollt et och kënnen fir all Kand vu Lëtzebuerg sinn, ob selwer Lëtzeburger oder auslännesch Kanner, déi hei opwuessen an d’meescht hei bleiwen. Mengt jo net, dat giff näischt ginn, oder net an e „Plan d’Etudes“ erapassen. Et geet wonnerbar ... an déi „fréi“ Lidder bleiwen – mat der Sprooch! – bei jidderengem e Lie-we laang „hänken“. *CQFD ... ce qu’il faudrait démontrer.*

Wou sinn „EISER LIDDER“ dann elo ze kréien? Dir kënt se a jiddfer Bicherbuttek froen; datselwecht och op enger vun eisen Adressen hei an der KLACK. De Präiss: 10 €, an 8 € bei enger Bestellung vu wéinstens 10 Bicher ... maacht emol e Präisvrerglach mat engem Mäifelchen am Restaurant ...

Generalversammlung 2017: Léif Memberen a Frënn, notiert lech de Samschdeg, 29. Abrëll, mëttes um 3 Auer – Brasserie „Um Dierfchen“, 6, côte d’Eich an der Stad. De Comité vun der Actioun-Lëtzebuergesch fret sech op lech.